N° 5237
Reçue le 16.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.11.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 731/2021
16 NOV. 2021
A traiter par:
Copie à:

Lëtzebuerg, den 16/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

Déi aktuell Regierung huet sech am Koalitiounsaccord zum Zil gesat, dass bis 2025 op mannst op 20% vun den Ubauflächen hei am Land soll op eng biologesch Landwirtschaft gesat ginn. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°3752 vun 2018 vun Déi Gréng huet den deemolege Landwirtschaftsminister een Tableau presentéiert, op deem den Undeel vun der Bioproduktioun par Rapport zur Gesamtproduktioun hei am Land indiquéiert ass. Aus dësen Zuele goung ervir, dass d'Biolandwirtschaft a verschiddene Secteuren immens ënnerentwéckelt war, zum Beispill bei Fleeschproduiten, Feldfriichten oder Drauwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister d'Entwécklung vun den Zuelen aus der Fro n°3752 fir d'Joren 2017, 2018, 2019 an 2020 an engem Tableau duerleeën?

2. Wéi vill Betriber hunn zënter 2018 op Biolandwirtschaft ëmgestallt?
   - Wéi vill dovunner am Beräich vun der Véizuucht?
   - Wéi vill dovunner am Beräich vum Fruucht-a Geméisbau?
   - Wéi vill dovunner am Beräich vum Wäibau?

3. Wéi vill Fläche ginn aktuell no de Krittäre vun enger biologescher Landwirtschaft exploitéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Äntwert vum Här Romain Schneider, Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 5237 vum 16. November 2021 vum éierbaren Deputéierten Här Marc Goergen

1. **Kann de Minister d'Entwécklung vun den Zuelen aus der Fro n° 3752 fir d'Joren 2017, 2018, 2019 an 2020 an engem Tableau duerleeën?**

De folgenden Tableau weist fir den Zäitraum vun 2014-2020 den Undeel vun der nationaler Bioproduktioun fir landwirtschaftlech Produkter, déi vum Service d'économie rurale (SER) an dem Service de l'horticulture vun der Adminstration des services techniques de l'agriculture (ASTA) erfaast gi sinn.

Joer	2014	2015	2016	2017	2018	2019	2020
Produkter							
Fleesch (insgesamt)*	0,70%	0,60%	0,70%	0,70%	0,90%	1,40%	1,50%
Rëndfleesch	0,90%	0,80%	1,00%	1,00%	1,30%	2,40%	2,60%
Schwéngefleesch	0,50%	0,50%	0,50%	0,50%	0,60%	0,60%	0,60%
Schofsfleesch	2,90%	2,10%	3,40%	2,60%	2,10%	2,60%	3,70%
Réimëllech (Kéi, Schof, Geessen)	0,80%	0,70%	0,70%	0,80%	1,00%	1,10%	1,30%
Eeër	9,30%	9,20%	12,40%	12,30%	13,70%	14,80%	18,80%
Kären	1,40%	1,60%	1,40%	2,00%	2,20%	2,00%	2,40%
Drauwen	n.d.	n.d.	1,50%	3,40%	2,60%	4,60%	2,60%
Hunneg	14,00%	14,00%	12,00%	14,91%	17,32%	17,25%	15,03%
Uebst**	<1%	<1%	<1%	<1%	22,56%	21,85%	23,14%
Geméis	31%	33%	30%	34%	41,56%	34,09%	35,36%

* Fleesch: Schluechtunge vun heemeschen Déieren (an de Schluechthaiser an ausserhalb vun de Schluechthaiser)

**Bei der Berechnung vum Undeel vu Friichten aus biologeschem Ubau goufe folgend Kategorien berécksiichtegt:
Bongerten Héichstamm (>=50 Beem/ha), a Produktioun
Bongerten Nidderstamm (>=400Beem/ha), a Produktioun.
D'Evolutioun am Uebstbau ass haaptsächlech op déi wuessend Zuel vun Héichstammbongerten zréckzeféieren.

D'Analyse vum Tableau weist däitlech, datt d'Biolandwirtschaft an de wichtegste Produktiounsausrichtunge méi schwaach ass, dat bei der Mëllech, dem Fleesch an de Kären oder och nach bei Dauerkulturen (Uebstbau, Wäibau), an datt d'Bioproduktioun bei den Eeër, dem Hunneg an dem Geméis méi en héijen Undeel huet.

2. Wéi vill Betriber hunn zënter 2018 op Biolandwirtschaft ëmgestallt?

Joer	Unzuel vun allen Neiëmsteller	Dovun Deel-Ëmstellungs-betriber	Neiëmsteller, déi beim SER als unerkannte landwirtschaftlech Betriber gëllen	Unzuel nei ëmgestalten Hektar
2018	4 + 1 Imker	0	3	216
2019	11 + 4 Imker	0	8	470
2020	10 + 2 Imker	2	7	423
2021 (bis 1.11.2021)	33; keen Imker	11		1387(*)

(*): Déi definitiv Zuele wäerten eréischt no der Auswäertung vun alle Kontrolldossieren Ufank 2022 virleien.

Wéi vill dovunner am Beräich vun der Véizuucht? 37(*)

Den Undeel u Véizuucht op den eenzelne Betriber ass ganz variabel; fir verschiddener ass et d'Haaptproduktioun vum Betrib (Mëllech oder Fleesch), bei anere sinn et just e puer Déieren, déi fir de Fleeschverkaf u Privatcliente gehale ginn.

Wéi vill dovunner am Beräich vum Fruucht-a Geméisbau? 13(*)

Wéi vill dovunner am Beräich vum Wäibau? 7

3. Wéi vill Fläche ginn aktuell no de Krittäre vun enger biologescher Landwirtschaft exploitéiert?

Um 1.11.2021 sinn ongeféier 7892(*) ha no dëse Krittären zu Lëtzebuerg bewirtschaft ginn. Heirënner fale souwuel déi fäerdeg ëmgestalte Fläche wéi och déi, déi nach an der Ëmstellung sinn (2 bis 3 Joer, jee no Kultur), an déi awer och schonn no deene selwechte Krittäre bewirtschaft ginn.

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2021

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung
(s.) Romain SCHNEIDER